ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Politesch Kultur am Walkampf

Pressematdeelung vum 21. Mee 2019

An deene leschte Wochen an Deeg goufe vu verschiddene Säiten der ADR Reprochë gemaach, déi kenger objektiver Wourecht entspriechen. D'ADR hält dowéinst drop, fir esou Behaaptunge richtegzestellen.

No rezenten Entwécklungen an der éisträichescher Politik ass zum Beispill behaapt ginn, d'ADR géing der Partei FPÖ no stoen. D'ADR huet weder Kontakter zu där Partei, nach zu anere Parteien, déi an deem Zësummenhank dacks genannt ginn. D'ADR ass Member an der Allianz vun den europäeschen, konservativen a reformistesche Parteien (ACRE), wou si besonnesch enk a frëndschaftlech Verbindungen zu deene britesche Konservative fleegt. Sollt d'ADR bei de Walen vum nächste Sonndeg e Mandat uvertraut kréien, géing si och an deem Grupp matschaffen. Dobäi handelt et sech ëm Parteien, déi pro-europäesch sinn an dobäi fir en Europa vun den Natiounen antrieden.

Bei där aktueller Nervositéit, déi op ville Plazen ze spieren ass, an déi wuel typesch fir Walkampfzäiten ass, hält d'ADR drop, fir sech selwer u kloer deontologesch Regelen ze halen a si hofft, datt och aner intresséiert Kreesser aus Politik a Medie sech fair a korrekt verhalen.

D'ADR freet sech driwwer, datt zu Lëtzebuerg keng rietsradikal Partei bei dëse Walen untrëtt. Et ass an hiren Ae verantwortungslos, dës Tatsaach ze verkennen an aus purem politesche Calcul esou ze maachen, wéi wann dat anescht wär. Déi kënschtlech Konstruktioun vun engem Feindbild entsprécht net eiser politescher Kultur a schaaft onnéideg Agressiounen. E Beispill dofir sinn déi massiv Zerstéierunge vun ADR-Walplakater an deene leschte Wochen.

D'ADR erwaart sech, datt et méiglech ass, dëse Walkampf ofzeschléissen, ouni datt weider mat ongerechtfäerdegten Ënnerstellungen oder verbalen Diffaméierunge geschafft gëtt.

D'ADR hirersäits vertraut op d'Kraaft vun hiren Argumenter. Si wëll déi politesch Konkurrenz wuel net vu berechtegter Kritik verschounen, dobäi awer d'Grenze vum Anstand, de Respekt virun der Wourecht an d'Unerkenne vun der Meenungsfräiheet vun aneren net verletzen.

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg